



MINI-LËNSTER, DÉI GRÉNG KANNERSPILLSTAD

Am Joer 2020 gëtt déi 7 Editioun vun onser Kannerspillstad an d'Liewe geruff an dat dës Kéier vum **20. - 31. Juli 2020** all Dag vun **10:00 - 17:00** Auer (ausser de Samsden a Sonnden).

Dëst Joer siche mer
Studente fir folgend Posten:

- „**Expert-Coach**“ (Studente vun 18 Joer an driwwer; déi och scho bei Mini-Lënster matgeschafft hunn)
- „**Coach**“ (Studente vu 17 Joer an driwwer; déi nach ni bei Mini-Lënster matgeschafft hunn)

Expert-Coach (Studente vun 18 Joer an driwwer)

Wat hues du iwwerhaapt vu Mini-Lënster?

- eng eenzegaarteg a villfältig Erfahrung am pädagogesche Beräich
- schaffen an engem grouse Grupp (Teamwork)
- zesumme mat Kanner a Jugendlecher eppes an d'Hand huelen an ëmsetzen
- mat neie Situatiounen konfrontéiert ginn
- nei an interessant Leit kenneléieren
- e mockelegt Täschegeld (bezuelt no de Richtlinie vun der ITM)
- Verantwortung iwwerhuelen
- Certificat de participation
- leede vun Assistant-Coaches
- Erfahrungen am Beräich vun der partizipativer Pädagogik ...

Wat ass deng Roll während Mini-Lënster?

- Kanner hëllefen e Betrib responsabel ze leeden
- Kanner informéieren an animéieren fir nei Ideeën ze entwéckelen
- Encadrement vun engem "Assistant-Coach" iwwerhuelen

Wat gëtt vun dir verlaangt fir bei Mini-Lënster matzeschaffen?

- du muss minimum 18 Joer al sinn
- du muss ons eng komplett Demande eraschécken
- du dierfs net méi wéi 2 Méint am Joer als Student geschafft hunn
- du muss vum 20. Juli bis den 31. Juli 2020 Zäit hunn (den 17. Juli riichte mer zesummen op, den 20. Juli geet et da lass)
- du muss schonn op mannst eng Kéier bei Mini-Lënster matgeschafft hunn
- du muss de Brevet A hunn. Wanns du de Brevet A net hues, kanns du déi passend Formatioun bei ons matmaachen:

D'Formatioun dauert 50 Stonnen (30St. Theorie & 20St. Praxis). Déi 30 Theoriestonnen ginn am Laf vun **2 Weekender** ofgehalen, **18. - 19. Abrëll & 25. - 26. Abrëll 2020** (Détailer kommen no). Fir déi Studenten déi schonn mam Brevet B oder C am gaang sinn, ginn d'Stonnen vum Brevet A ugerechent. De Brevet A ass vum SNJ unerkannt!

Wat muss an denger Demande sinn?

- Lettre de motivation
- Curriculum vitae
- Certificat de scolarité
- Handy- & E-mail Kontakt
- Konto- & Matriculesnummer
- Angab vu Formatiounen:

et ass wichteg ons matzedeelen,
ops du eng Formatioun beim SNJ
amgaange bass ze maachen.

eng
gréng
Spillstad



Coach (Studente vu 17 Joer an driwwer)

Wat hues du iwwerhaapt vu Mini-Lënster?

- eng eenzegaarteg a villfälteg Erfahrung am pädagogesche Beräich
- schaffen an engem grouse Grupp (Teamwork)
- zesumme mat Kanner a Jugendlecher eppes an d'Hand huelen an ëmsetzen
- mat neie Situatiounen konfrontéiert ginn
- nei an interessant Leit kennelëieren
- e mockelegt Täschegeld (bezuelt no de Richtlinne vun der ITM)
- Verantwortung iwwerhuelen
- Certificat de participation
- Erfahrungen am Beräich vun der partizipativer Pädagogik ...

Wat ass deng Roll während Mini-Lënster?

- Kanner hëllefen e Betrib responsabel ze leeden
- Kanner informéieren an animéieren fir nei Ideeën ze entwéckelen

Wat gött vun dir verlaangt fir bei Mini-Lënster matzeschaffen?

- du muss minimum 17 Joer al sinn
- du muss ons eng komplett Demande eraschécken
- du däerfs net méi wéi 2 Méint am Joer als Student geschafft hunn
- du muss vum 20. Juli bis den 31. Juli 2020 Zäit hunn (den 17. Juli riichte mer op, den 20. Juli geet et da lass)
- du muss de Brevet A hunn. Wanns du de Brevet A net hues, kanns du déi passend Formatioun bei ons matmaachen:

D'Formatioun dauert 50 Stonnen (30St. Theorie & 20St. Praxis). Déi 30 Theoriestonne ginn am Laf vun 2 Weekender ofgehalen, 18. - 19. Abrëll & 25. - 26. Abrëll 2020 (Détailer kommen no). Fir déi Studenten déi schonn mam Brevet B oder C am gang sinn, ginn d'Stonnen vum Brevet A ugerechent. De Brevet A ass vum SNJ unerkannt!

Deng Demande muss bis
Freides den 28. Februar 2020
ageschéckt ginn u folgend Adress:

SEA Lënster Päiperlék
c/o Christian Treitz
20, rue du Village
L-6140 Junglinster

MINI -
LËNSTER
2020

eng
gréng
Spillstad